Diddel. a schw. Zeiten

Diddelénger erem doheem.

An énger ganzer Rei vu vergaangenen Emissiounen hu mir erzielt wéi déi Diddelenger vum preiseschen Iwerfall den 10te Mee 1940 evakuéiert gouwen. Des Evakuatioun huet sech a verschidde Wellen ofgespillt. Déi éischt schon Freides den 10te Mee, dunn no der éischter Nuecht an de Kelleren an Ënnerstänn déi zweet grouss a Richtung Frankreich Dest nach Péischt Sonndeg a vun do un nemmen nach an d'Land eran. Déi, wo dunn nach zu Diddeleng wollte bleiwen sin deenschdes vum preiseschen Militär forcéiert gin hir Stat an d'Land eran ze verloossen. Vun deem Dag un ware kéng Ziviliste méi zu Diddeleng; zumindest déi nach gelieft hun oder sech nach konnte bewegen. Et kumman och kéng franséisch Zaldote méi an ons Uertschaft an nemmen dütsch Militär war an onser Stadt an huet an onsen Häiser gehaust. Allerdings konnten an dier Zäit bestëmmte zivil Leit ënner bestëmmte Conditiounen d'Erlabnis fir kurz Zeit an Diddeleng ze kommen. Heiriwer gouwe mir méi Détailler an vergaangene Sendungen.

Nodeem Frankreich geschloe war de Pétain un e Waffestellstand gedruckt huet, an am Süde vu Letzebuerg net méi u Militäresch Auseneesetzungen ze dinke war, ass och un d'Heemgoen vun den Evakuéierten aus der Minette-gegend gedriecht gin.

Well mer jo no der Flucht vun onse Ministeren an d'Frankreich kéng Regierung méi haten war an der Chamber eng Regierungskommissioun ugesat gin. Sie sollt déi lafend Staatsgeschäfter erleedegen respektiv weiderféieren. Duerch d'Besatzungs Kreisen ass des Regierungskommissioun an eng Verwaltungskommissioun embenannt gin. Des Kommissioun hat dann och vis-à-vis vun den preiseschen Militär Autoritéiten d'Verpflichtung iwerholl déi verlossen Süd Stied iwerwachen ze lossen. Desweideren sollten dann och des Uertschaften erem bewunnbar gemat gin éir d'Ziviliste zeréck konnte kommen. Heiënner war ze verstoen, dass dat gefaalte Fleesch a verdierwe Liewensmëttelen emol begruewe misse gin. Eso och dat doudegt Véi, Hong a Katzen. Butticker

haapsächlech Liewensmëttelgeschäfter mussten desinfektéiert ginn. Elektresch, Gas a Waasser mussten erem zur Verfügung stoen.
Dofir ass den 10te Juni, also genau e Mount nom Iwerfall e Kommando vun der Lëtzebuerger Freiwëllegen Kompanie op Diddeleng geschéckt ginn. Hir Haaptmissioun war d'Iwerwaachen vun der Staat. Also versichen ze verhënneren dass geklaut, verschleeft a weider zerstéiert kent ginn.
Den deemolege Schäffen Betty Liber war am Land evakuéiert an huet et versicht aus Schmelzarbechter Gruppen zesummen ze stellen fir an Diddelengen kommen opraumen. Bis vierekte Sendungen wese mir dass ganz Häuser Stéck komplett zerstéiert waren, op de Strossen des Sténg, Geräister a Sténg luchen déi emol ob d'Säit hu misse geraumt ginn an d'Strossen eso erem frei ze machen.
Och d'Arbecht huet Zäit gewicht fir d'Fonktionnéieren an d'Erzabetrieb huelen vun der Schmelz an de Wé ze leeden.
Den 30ten Juni ass et dann eso weit an d'preisesch Militär Autoritéiten déklaréieren dass Diddeleng nës fir Ziviliste op wär. Vun do konnten d'Evakuéiert nees zeréck an hir Wirtschaft. Allerdings ~~war~~ hate scho virum desem Datum Butzebuerger Baueren d'Erlabnis kritt fir an hir Betriber ze kommen, an dat sécher wéinst dem Vé.
Den 10te Mee 1940 waren zu Diddeleng ronn 13.700 Awunner. Dovunner waren der 11 000 an d'Frankräich gelaf an 2.700 am Land bliwwen. Natierlech waren dës Leit déi éischt erem doheem, a besonnesch déi déi en Auto oder soss Gefier zu hirer Verfügung haten. Och aus Frankräich koumen no an no d'Leit nees heem. An eso wéi Diddeleng ~~den~~ vum 10te Mee un ëmmer méi eidel gouf eso huet Diddeleng sech vum 30te Juni un erem no an no gefëllt.
Natierlech hun déi Heemkommend sech emol vir d'éischt em hir Häuser a besonnesch bannen an bekömmert. Wéi et an de Strossen ausgesinn huet, huet sech direkt net interesséiert. Dofir kum den 1te Juli eng Kolonn vun 150 Mann ennert der Leedung vun der Bauverwaltung op Diddeleng an huet ugefangen d'Strossen an d'Plätzen ze raumen

Wann een erëm zu Diddeleng war, huet ë sech missen am Ursulin Büro androe loossen. Dofir wësse mir dass bis den 15te Juli erëm 5090 Diddelenger doheem waren. Dorënner 900 Italiéner an 213 Deitscher. Wéi mir erzielt hunn ware vill Italiener am Quartier Italie bliwwen an haten an de Gellerien Schutz gesicht. Eréischt Dënschdes haten d'Preisen och der Leit forcéiert Diddeleng ze verloossen an sech an d'Land zeréck ze zéien. Dennnoo konnte sie och erëm mat deenen éischten erëm an der Wirtschaft sinn. Och déi gebierteg Deitsch haten net zevill Interessen fir a Frankreich ze lafen, waren am Land evakuéiert a vun do och erëm mat deenen éischten doheem.

Wann een ofgesi vun den Diddelenger déi net weit erof an d'Frankreich evakuéiert waren a schons am Laf vum Juli heemkomme sinn, esou ass awer de groussen Réckransport aus Frankreich eréisch mam August ugaangen. Besonnesch wéi ganz Zich an Autobussen am Asatz waren fir d'Leit heem ze huelen ass d'Zuel vun de Repatriéierten sprongshaft an d'Luucht gaangen. Esou koumen an den drei éischten Deeg vun der éischter August Woch iwwer Dausend Diddelenger heem. Esouguer vu Montpellier also ganz am Süde vu Frankreich hunn der de Wé erëm heem fond. Och déi, déi en Auto oder Camion zu Verfügung haten a genuch Benzin fir de ganzen Heemwee gehamstert, waren derbäi. No der éischter Woch am August waren rom 9000 Awunner nees derheem an deemno nach ëppes méi wéi 4000 gefeelt.

Em dës Zeit waren ons Gendarmen awer nach net erëm. Mir haten erzielt dass sie de Wé an d'Frankreich mat dem Miwelhändler Weirich sengem Camionett ugetrueden haten a bis an de Süde gefuer waren. Allerdings war dëse Ford net dé schnellsten, a gelueden wéi e war huet e knapp 45 bis 50 Kilometer op flacher Strooss gepackt. De Biergstop an deemno wéi gé', kont een nimmen hinn goen. Kee Wonner dass d'Heemrees bal 2 Woche gedauert huet. Fiirst de Gendarme Dauphin deen den 10te Mee ofkommandéiert war, koum net mat an d'Frankreich an d'Vakanz a war dofir genter Mett Juni zu Diddeleng. Heiriwwer hate mir schon erzielt. Obschon Diddelenger Polizei bal erëm vollstännig

Enn Juli bei war, d'Gendarmen awer gefehlt hun waren auswärteg Gendarmen
mat 24 Lëtzebuerger Freiwëlleg Zaldoten op Diddeleng geschéckt gin fir hei vir
Uerdnung a Sécherheet fir d'Populatioun ze suergen.
Eso weit fir dësen éischten Deel.

Déi éischt Diddelénger déi vum 30te Juni zeréck an ~~hir~~ hir Stad koumen, gesinn
éng grouss Verwüstung. Futtis Haiser, Quartier'en déi ganz zerstéiert an ausgebrannt
sin, Steng a Schutt an de Strossen an ob de Plazen, Vé'Kadaveren, d'Gras wat
an de Kullange wiisst, vun der verwarloste Zäit net ze schwätzen. ~~Déi Eva~~ Fir déi
Evakuéiert déi eréischt am August erem koumen hat sech Bild schon e bësse gebessert.
Strossen an d'Plazen ware schon zum Deel geraumt.
Weit iwert 100 Häser waren beschiedegt oder zerstéiert. Déi éng liicht duerch Granat-
splitter, aner schwéier duerch direckt Granatarelléi. Meeschtens waren beibei den
Daach zerstéiert oder de Giewel. Da kount é feststellen dass d'ganze Strossenzeil
Haus fir Haus getraff a beschiedegt war. Am Zentrum war de Block em
d'Geschäftshäser Hoffert an Bonven zousätzlech duerch e Grousbrand komplett vernicht.
Em aneren Block an der Handelsstross waren d'Häser rondereem d'Imprimerie Rey-
Tournier, Garage Wilwerts, Quincaillerie Magasin Feller an de Café Mich Decker.
Ob der Stadhausplaz ware schwéier beschiedegt de Café Radrizzi an d'Modegeschäft
Bonen. Am Duerchbroch d'Bäckerei Schuntz an de Café Sadler. Op der Schmelz
besonnesch d'Geschäft Becker Brott, d'Bäckerei Forby an d'Haus Goerens.
Dest ass nemmen éng limitéiert Opzielung vun grësser Zerstéierungen. Mä vill
Diech ware futti – Fensteren an Dieren komplett oder deelweis zerstéiert. – och Bauere
Häser mat Ställ a Scheieren waren ausgebrannt. Un des grouss Reparaturen
kounte ~~sech~~ d'Egentëmmer sech net selwer drun gin. Hei hu schon missen Entrepreneuren
mat Camionen a Maschinen erem gezu gin. D'Ausbesseren oder d'Flécken vun Diech
war éng mat den éischte Beschäftegungen no dem Heemkommen. Gottseidank
war et noch Summer an nach 3 bis 4 Méint bis de Wanter. Mä an den Häser
huet och missen opgeraumt gin. Wat net duerch Splitter beschiedegt war duerch

duerch de Loftdrock vum Buerelzug duerchenéen gehéit gin. Un de konnt een och
feststellen dass Schierf an Tirangen duerchsicht an duerchwullt waren. Dat war
net duerch de Granatebeschoss mä duerch Vinteuren. A wien waren dese Besuch?
Zivilisten ware keng méi an Diddeleng oder séier wéneg. Et wären d'Negere
gewiescht hun d'Preise belaf. Opfallend war dass bestemmt Liewensmettelen a
Gedrénks verschwonne waren. Natierlech ass och kén Tubak oder Zigaretten beim
Heemkommen erem fond gin. Och wertvoll Sachen waren zum Deel net méi do.
Aner Sachen wéi Matrazen, Decken a Kessen waren aus aner Héser ~~an~~ an d'Schützegrief
an an Unterstänn verschleeft. ~~So~~ Eso sin dann vil an Héser Sache fond gin déi net
hinnen gehéiert hun. Dofir gouwen ~~dei~~ sogenannte Fondbüro'en agericht. Een am
Danzsal Rossi an en aneren beim Wagner Tamborini. Vill Bettgezei an déi
virdrunn erwähnte Matrazen a Kesse sin hinnen bruecht gin an de Propriétaire konnt
se rekuperéieren. Grouss Plakaten gin opgehaangen op deenen d'Leit opgefuerdert gin
Sachen déi hinnen net gehéieren an des Fondbüro'en ze bréngen oder et bei der Gendarmerie
ze mellen. Et huet awer och misse systematesch geklaut gin. Well wéi soss
hat d'Arbed kennen déklaréieren dass fir 70.700,- fr. Gedrénks, Tubak an Zigaretten
am Arbed's Casino verschwonne wären. Weider hätten 2855 Liter Benzin gefeelt
a 26 Schreiwmaschinnen net méi ze fannen. Et gleewen net dass en Zaldot sech
eng Schreiwmaschin ennert den Arm geklemmt hätt fir um Viermarsch oder aus der
Front heem ze schreiwen. Dat selwecht gëllt och fir Handwierksgeschir wat an de
Magazine gefeelt huet.

Un Arbecht huet et also fir déi déi heemkummen net gefeelt. Mä 2 Problemer
hu sech gestallt. Fir des Arbecht doheem ass een net bezuelt gin an ~~dat~~ déi kleng
Geldreserve déi ee fleicht nach an d'Evakuatioun geholl hat war opgebraucht. Et
gouwen also Leit déi kee Su méi an der Tesch haten an net emol Liewensmettele
konnte kafen. Dofir huet de Schäfferot 2 Vollécksküchen opgemaat. Déi eng war
am Klouschter oder Pensionat; déi aner am Gewerkschaftsheim. Hei konnten honnerte
vu Leit gefiddert gin bis sie nees en normalt Akommen haten. Aner sin op d'Land
bei de Bauer schaffe gangen. Un dest eemol fir e puer Sue ze verdéngen an och fleit

effes fir an deffen matheem ze kucken. Arbecht gouf et gennch an der Landwirtschaft, gemol an den Duerfer oder Ortschaften wo och d'Leit evakuéiert gi waren. Ewé z.B. zu Helleng a Fréseng.

D'Schmelz war nach net a Betrieb an et dauert nach bis an de September bis d'Héichuewen, d'Stolwierk an d'Walzwierker erem am Asatz sin. Allerdings gin och op der Schmelz Opraumarbechten, erem astandgesat, gefléckt an ausgebessert. Arbechter dei net beschäftegt kenne gin kréien eng Ennerstötzung. 5 Frang pro ~~Arbechtsda~~ Schaffdag Jonggesellen nemmen 3 Frang. Ongeféier 400 Arbechter gin wärend 3 Deeg an der
Woch an Schmelz beschäftegt. D'Halschent vun de Beamten sin en der Zeit erem a kenne och beschäftegt gin.

No engem Mount also Enn Juli fängt Liewen erem lues a lues normal ze gin. Vill Geschäfter sin erem op, a verkafen oder puffen wat sie nor de Evakuatioun's nach an hire Lageren erem fond hun. Ob dei sehr geschwenn ugefouert Rationaliséierung vu bestëmmten Artikelen komme mir an der nächster Sendung ze spriechen.

Vum 31te Juli un lieweret Gaswierk erem Gas. ~~#~~ Elektresch Strom as néis do mä gleichzeideg muss awer och owends verdunkelt gin. De Krich as nach net eriwer.

An der heiteger Sendung hu mir eis gespréchlech nëmmt deem Materielle beschäftegt wei d'Leit aus der Evakuatioun's erem heem kom sin. Opraumen, Flécken a manuell Schaffen. An der nächster Emissioun kucke mir wat alles neies op d'Lëtzebuerger erabréckt duerch dei nei Hären, duerch d'Neiordnung, duerch de Versuch Lëtzebuerg ze nazifizéieren a fir dat elo siegreich Däitschland ze gewannen.